PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Mir gouf zougedroen, dass et bei de Krankekeess vun de Fonctionnairen aktuell zu ville Verspéidunge bei de Remboursementer kënnt. Zréckzeféieren ass dëst anscheinend op ee Manktem u Beamten an der Krankekeess vun de Fonctionnairen an de Staatsbeamten (CMFEP).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Fir d'Joren 2017, 2018 an 2019, wéi vill Deeg huet eng Demande de Remboursement bei der CMFEP am Duerchschnëtt jeeweils gedauert? Wéi ass dës Tendenz ze erklären?
- Wéi laang dauert et aktuell bis déi bei der CMFEP Versécherten hir Remboursementer ausbezuelt kréien? Am Fall wou et zu Verspéidunge komm ass, op wéi eng Grënn sinn dës Verspéidungen zeréckzeféieren?
- Wéi eng Mesurë wäerten déi zoustänneg Ministeren ënnerhuelen, fir d'Situatioun vun de Versécherten ze verbesseren?
- Sinn d'Servicer vun der CMFEP personell ënnerbesat? Falls jo, wäerten d'Ministeren ee Recrutementsplang opstellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député